Association des Enrôlés de Force
Victimes du Nazisme,Luxembourg.

Réglement iwert d'Zo'spriechen an d'Verdélen vum " Ruban en Or " a vum "Ruban en Argent " des E.d.F.V.d.N.

1. Durch Beschloss vum C.C. vum 25.6.1964 schâft d'Association den "Ruban en Or" an den "Ruban en Argent " des E.d.F.V.d.N.

2. Des Bezèchnung ass a bleiwt Egentum vun der Association.

3. d'Auszéchnung an d'Verdélen ginn nömmen am Kader vun der Association virgeholl.

4. Ausgezéchent können nömmen ~~gin~~ Membren an E'remembren vun der Association gin:

   a) Mat dem "Ruban en Argent " :
      1) Fir aussergewe'hnlech Verdingschter öm d'Sâch vun den Enrôlés. Erfirstreichend Aktivite't am Kader vun de Sektionen.Opfâlend gudd Organisation vun der betreffender Sektion.Aussergewe'hnlech Léschtongen.

      2) Fir lângjähreg trei Memberschaft am Dingscht vun der Association. Membren oder E'remembren,de' sech perse'nlech durch lângjähreg trei Dingschter am Kader vun der Association auszéchnen.Sektionsgröndungen, Versammlungen ofhâlen,aktiv Matthöllef an der Sektion,an der Redaktion vum Bulletin,Relationen am Intérêt vun der Association resp.Fédération hierzestellen.

   b) Mat dem "Ruban en Or "

      Fir d'Verdingschter de' durch emg he'her Reconnaissance als den "Ruban en Argent " mussen gewierdegt ginn ; an dösst am allgemeinen Intérêt vun der Association hirer Cause.

5. Fir d'Zo'spriechung vum " Ruban en Or " ass de Besötz vum " Ruban en Argent " net onbedingt erfuerdert,dach ass et wönschenswert dass döss Auszéchnung viraus gângen ass.

6. De' betreffend Membren an E'remembren de' fir den Ruban en Or oder den Ruban en Argent an Fro kommen ,ginn virgeschloen :

   a) Vum Sektionscomité b) vum Comité Central.

7. Eng Komission de' aus je 2 namentlech festgeluegten Délége'erten aus dénen 5 Régionalcomitéen bestèt,a vun dösen all Joer bestömmt ginn,önnerbrèt d'Propositionen an d'Virschle' fir den Ruban en Or oder Ruban en Argent.

8. D'Sektionen an den Comité Central können all Joer bis den 1o.Mè hir resp. Propositionen schröftlich an den C.C. richten,dén sie un d'Komission weider lèt.

9. De' vun der Komission dem C.C. önnerbrét Propositionen mussen vun dösem éstömmeg gutt gehéscht ginn,fir zur Ausfe'erung ze kommen.

1o. Den C.C. kann aus bestömmten Grönn d'Zuel vun den jährlech zu verdélenden Auszechnungen bestömmen.An dém Fall ginn d'Priorite'ten opgestallt no dénen d'Komission hir Virschle' virhöllt.

11. Nömmen den C.C. verdélt d'Auszéchnungen an zwar :
   a) bei Gelegenhét vun enger Feierlechkét vun der Association resp. Sektion.
   b) an der Délége'ertenversammlong
   c) an der Generalversammlung vun der Sektion.

12. Den Ruban en Or we' och den Ruban en Argent bleiwen Egentum vum ausgezéchneten Member oder E'remember,dén d'Ofzéchnung bei der Association nôkâfen kann.

13. Zu dösen Auszéchnungen gehe'ert en entspriechenden,perse'nlechen Certificat.

14. Döss Auszéchnungen können och " à titre posthume " zo'gesprach gin.

oooooo000000oooooo

Conc.: ATTRIBUTION DE RUBANS

La section de / Adresse complète propose à la Commission et au CC le(s) membre(s( suivant(s) pour l'attribution d'un ruban:

A RUBAN EN ARGENT

| MEMBRE PROPOSE | Membre du comité local ou CC | Autres fonctions au sein de l'Ass. | Libellé détaillé des MERITES | Remarques évent. |
|---|---|---|---|---|
| NOM ________________<br>Prénom ________________<br>Date de naissance ________________<br>**Membre depuis** ________________ | date<br>du ___________<br>au ___________<br>fonction<br>______________<br>du ___________<br>au ___________<br>fonction | | | |
| NOM | date | | | |

Remarques générales : 1) Sont à proposer exclusivement des membres vraiment méritants
2) Les propositions entrant après le délai fixé ne sont pas considérées
3) Seront seulement considéré les propositions dont les colonnes sont dûment remplies
4) Les propositions sans indication exacte et explicite sont rejetées d'office
5) pour d'autres détails : voir statuts ad hoc.

B RUBAN EN OR ( Seulement pour des mérites extraordinaires)

NOM

La proposition a été faite à l'unanimté

Date:

Pour le comité de la section